Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

De belsche Regierungschef Alexander De Croo gëtt am Kader vun de Sanktioune géint Russland mat der Ausso zitéiert, datt d'EU-Länner "fënnef bis zéng Joer" mat engem schwierege Wanter kéinte konfrontéiert ginn. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 huet den Här Energieminister awer nach dat hei geschriwwen: "*Verschidde Länner an Osteuropa, awer och Däitschland an Éisträich, si méi vu russeschem Äerdgas ofhängeg wéi beispillsweis Lëtzebuerg respektiv Belsch, mat deene Lëtzebuerg eng gemeinsam Maartzon bilt*".

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Fro stellen:

1) Deelt den Här Energieminister déi aktuell Aschätzung vum belsche Premierminister? Falls jo, goufen déi Lëtzebuerger Noutfallpläng mëttlerweil entspriechend ugepasst?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten